

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vott?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

10. 8283 – Projet de loi relative à l'adaptation du projet de construction relatif à l'aménagement du Boulevard Raiffeisen et du Boulevard Kockelscheuer dans le cadre de la construction du réseau routier du Ban de Gasperich

An da komme mer zum nächste Punkt um Ordre du jour, de Projet de loi 8283 iwwert d'Adaptatioun vum Budget fir de Bau vum Verkéiersnetz vum Ban de Gasperich. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Paul Galles, den Här Yves Cruchten, den Här Jeff Engelen, den Här Meris Sehovic, den Här Marc Goergen an den Här David Wagner. An d'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet, d'Madamm Corinne Cahen.

Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics

Mme Corinne Cahen (DP), rapportrice | Villmools merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Projet de loi 8283 ass am Fong net immens laang. Ech wollt mech och kuerzfaassen, mee meng zwee Virrapportere waren esou explizitt a genee op hire Projeten, dass ech deen hei elo natierlech awer och wëll e bësse méi am Detail erklären, well ech wëll jo deenen an näischt hannendru stoen.

Den eigentlechen initiale Projet, an deem et ëm de Stroossereseau am Ban de Gasperich geet, gouf mam Gesetz vum 16. Dezember 2010 gestëmmt. De Projet – soi-disant déi eenzel Etappen – gouf deemools a véier Bléck gespléckt. Déi éischt Baggere sinn dunn 2013 gerullt.

Mam Gesetz, dat mer haut stëmmen, soll de Budget vum Amenagement vum Boulevard Raiffeisen an dem Boulevard Kockelscheier, also dem Projet Ban de Gasperich, erhéicht ginn, dëst ëm eng weider 6.550.000 Euro. Dat si 5,87 % méi wéi den urspréngleche Montant, dee geplangt war. An dofir mussen mer dat haut och esou stëmmen.

Erlaabt mer dann, wéi gesot, nach eng Kéier e bësselen awer an den Detail ze goen, wuel wëssend, dass et net ganz evident ass, dat heiten ze erklären. An ech géif och direkt dann op de schrëftleche Rapport verweise fir all weider Prezisiounen.

Also, den éischte Lot ass de Reamenagement vun der N4 tëschent der Kräizung Rue Plantin/Rue Verte an dem Rond-point beim Gamm Vert, der Rue Raiffeisen tëschent dem Rond-point Gamm Vert an dem Echangeur Hesper gradewéi der nördlecher Partie vum Boulevard Kockelscheier tëschent der Rue Raiffeisen an der Autobunn A6.

Den zweete Lot ass deen tëschent dem Boulevard Kockelscheier an der A6.

Déi éischt Phas vum Lot 3 ass verbonne mam Süddeel vum Boulevard Kockelscheier aus dem zweete Lot a geet iwwert d'A6 um Niveau vum Gasperecher Kräiz iwwer eng Bréck, déi heescht OA17. An der zweeter Phas gëtt de Boulevard Kockelscheier da verbonne mat der N4 an dem CR186 op der Säit vun der Kockelscheier.

Iwwer all déi Joren – et sinn der jo 14 bis elo, an dat sinn der jo scho jett – huet de Projet natierlech evoluéiert an en huet mussen adaptéiert ginn.

2014 zum Beispill koum d'Planung vum Tram derbäi. Do goufen dunn och Schinne virgesinn. Natierlech

hunn dunn och d'Ekipementen vun der Bréck mussen deementspreechend adaptéiert ginn.

Do dernieft goufen och zousätzlech Vëlospiste geplangt. Nieft deenen, déi ugangs virgesi waren, gouf nach eng Verbindung geplangt tëschent dem Ban de Gasperich an dem Houwald. An och e Vëloexpresswee mat zwee Tunnellen, déi nëmme fir d'Cycliste virgesi sinn, gouf eeben du matgeplangt.

Aner Changementen, déi am Laf vum Projet bäikoumen, sinn eng Ännerung vum Tracé vun der Strooss, fir dem neie Stadion Rechnung ze droen, d'Adaptatioun vun der Kräizung N4/CR186/Boulevard Kockelscheier oder nach weider Busspueren op der Escher Strooss.

Aus all deenen Ursaachen, an och wéinst der Erhéijung vun der TVA am Januar 2015, muss déi Rallonge budgétaire par rapport zum Gesetz vum 16. Dezember 2010 haut gestëmmt ginn.

De Projet 8283 gouf den 20. Juli 2023 vum deemolege Minister François Bausch deposéiert. Den Avis vum Staatsrot koum den 10. Oktober 2023. An eis Ministesch, d'Yuriko Backes, huet ons de Projet den 8. Februar an der Chamberskommissioun virgestallt. De Rapport gouf den 29. Februar ugehall an ech gouf dann och zum Rapporteur hei genannt. All d'Detailer fannt der, wéi ech scho gesot hunn, natierlech am schrëftleche Rapport.

An domadder géif ech Iech da Merci soe fir d'No-lauschteren a géif och schonn den Accord gi vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei. Villmools merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Cahen, fir Äre schrëftlechen a fir Äre mündleche Rapport.

An deen éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Paul Galles. Här Galles.

Discussion générale

M. Paul Galles (CSV) | Jo, merci villmools, Här President. A merci och fir all déi Informatiounen, déi mer elo schonn iwwert de Rapport kruten. Dofir maachen ech et och ganz kuerz.

Also, et ass jo e Beräich, dat ass eis alleguerter bewosst – mir kennen en –, an deem an deene leschte Jore jo ganz vill gebaut an ëmgebaut ginn ass, an deene 14 Joer, säitdeem en hei gestëmmt ginn ass. An et gëtt och ëmmer méi en neuralgesche Punkt vun eiser Mobilitéit. Et ass zumindest den Accès beziéungsweis d'Verbindung tëschent der Stad engersäits an dann natierlech dem Süden, dem Südweste vum Land anersäits. Do leeft elo ganz villen iwwert deen dote Beräich. Dat wëssen déi vun Iech, déi do reegelméisseg ënnerwee sinn.

Deen heite Rallongement, et ass u sech just e Rallongement, erkläert sech, an et ass scho gesot ginn, virun allem duerch déi dräi Geschichten, déi dräi Saachen: dass den Tram derbäikomm ass, deen elo bis op d'Kockelscheier fiert, d'Upassung vun der Kräizung beim Stade de Luxembourg an dann – an ech freeë mech awer natierlech doriwwer ganz besonnesch – déi extra Vëlospisten, déi do nach derbäikomm sinn an déi och ganz wichteg sinn, well et e Punkt ass, wou d'Vëloen eebe sécher mussen driwwer ewech kommen, well et eng immens grouss Kräizung beziéungsweis en immens grouss Beräich ginn ass. Voilà!

Alles dat si gutt Grënn, fir deen heite Rallongement ze ënnerstëtzen. An dofir soen ech dann och vun eiser Fraktioun hier eisen Accord. Merci villmools.

Une voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Galles. An dann ass d'Wuert fir den honorablen Här Yves Cruchten.

M. Yves Cruchten (LSAP) | Merci, Här President. Ech ginn och den Accord vun der LSAP.

Plusieurs voix | A!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Cruchten. Här Engelen, et ass un Iech.

M. Jeff Engelen (ADR) | Jo, merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, et geet am Fong geholl hei ëm eng budgetär Enveloppeerweiderung, well eenzel Aarbechten am Laf vun deene 14 Joer derbäikoumen. Et ass scho gesot ginn hei: Et war den Tram, d'Vëlospist ass geännert ginn an och eng Kräizung gouf geännert.

Domadder ginn ech den Accord vun der ADR zu dëser Prolongatioun vum Budget. Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Engelen. Här Sehovic.

M. Meris Sehovic (déi gréng) | Jo, ech mengen, d'Depassementen sinn erkläert ginn. Se sinn allegueren eigentlech fir eng gutt Saach, fir den ëffentlechen Transport a fir d'duuss Mobilitéit, gemaach ginn. An deem Sënn ass dat ze begrëssen a mir wäerten de Projet matdroen.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Sehovic. Här Goergen.

M. Marc Goergen (Piraten) | Merci, Här President. Och mir ginn eisen Accord.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Goergen. Här Wagner.

M. David Wagner (déi Lénk) | Merci, Här President. Mir ginn och eisen Accord. Et deet ëmmer e bësse wéi, wann ee vum Ban de Gasperich schwätzt, well ech mengen, dee Quartier hätt kënne besser, vill besser, vill, vill besser geplangt ginn, urbanistesche gesinn. Mee deen existéiert eeben elo an et soll een natierlech alles drusetzen, fir e mobilitéitspolitesche ze verbesseren. Et geet ëm den Tram. Ech freeë mech dann, datt d'ADR elo och hannert dem Tram steet. A mir mussen weiderhin an den Tram investéieren, och an der Stad. An ech hoffen och, datt e weider wäert entwéckelt ginn, notament op der Avenue de la Porte-Neuve, soubal de Stater Schäfferot erëm bei Sënnen ass.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Wagner.

An dann huet d'Regierung d'Wuert. Madamm Ministesch.

Prise de position du Gouvernement

Mme Yuriko Backes, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Merci. Ech kann Iech gewësseren, mir wäerten weider an den Tram investéieren! Mee elo op dëser Plaz, bei dësem Projet och der Chamber e grouss Merci fir d'Zoustëmmung zu dësem Projet, fir dass mer elo hei um Ban de Gasperich d'Aarbechte kënnen zur Satisfaktioun esou séier wéi méiglech ofschléissen.

E grouss Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Ministesch. Domat wär d'Diskussioun zu dësem Projet dann ofgeschloss.

A mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8283. Den Text steet am Document parlementaire 8283².



An ech wollt Iech drop hiweisen, datt am Artikel 4 de Punkt um Enn vum Saz feelt an deen elo muss derbäigesat ginn, fir datt dat och kloer ass.

(Brouhaha)

Da stëmme mer iwwert deen Text mat deem zousätzleche Punkt, mat där Ännerung also, of.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8283 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt elo un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 60 Jo-Stëmmen. De Projet ass also mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer (par Mme Stéphanie Weydert), Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Christophe Hansen (par M. Max Hengel), Max Hengel, Mme Françoise Kemp, M. Marc Lies, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Marc Spautz, Charel Weiler (par Mme Nathalie Morgenthaler), Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino (par M. Gusty Graas), MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt (par M. Guy Arendt), Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella (par M. Fernand Etgen), Lydie Polfer (par M. Gérard Schockmel) et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener (par Mme Taina Bofferding), M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Paulette Lenert (par M. Yves Cruchten) ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser (par M. Jeff Engelen), Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

MM. François Bausch, Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson (par Mme Joëlle Welfring) et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen), Marc Goergen et Ben Polidori ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

11. 8323 – Projet de loi relative au réaménagement et au remplacement de l'ensemble des infrastructures du champ de tir au Blesdall

An da komme mer zum leschte Punkt vum dem Ordre du jour vum haut, dat ass de Projet de loi 8323 iwwert d'Finanzéierung vum der Sanéierung an dem Ersatz vum den Infrastrukture vum Schéissstand am Blesdall. D'Riedezäit ass de Basismodell. An et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Charel Weiler, den Här Yves Cruchten, den Här Jeff Engelen, den Här Meris Sehovic, den Här Marc Goergen an den Här David Wagner. An d'Wuert huet elo de Rapporteur, den Här Etgen.

Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics

M. Fernand Etgen (DP), rapporteur | Här President, Kolleeinnen a Kollegen: „Hat der Mensch eine Waffe, hat er auch ein Ziel.“

(Hilarité)

D'Zil vum dësem Gesetz ass identesch mam Projet virdrun iwwert d'Militärlager um Waldhaff: Arméi-strukturen, déi absolut net méi zäitgeméiss sinn, deenen haitege Besoinen unzepassen a punkto Funktionalitéit. Si sinn net méi konform zu de legale Sécherheetsufuerderungen a wat d'Gesondheet op der Aarbechtsplaz ubelaangt. Och ginn et Virgabe vum der NATO fir d'Standard vum engem militäresche Schéissstand.

Et geet ëm de Schéissstand, deen am schéinen, geschwongen, déif ageschnidde Dall vum der Bles un der Limit vum der fréierer Gemeng Houschent an der Sektoun Grootje vum der Gemeng Pëtschent läit. E méi gëeegente Site opgrond vum der Topografie mat ideale Längten – 400 Meeter sinn hei gefrot – ass net ze fannen!

Esou wéi beim Projet vum Militärlager um Waldhaff wéll ech hei rappeléieren, datt de russeschen Aggressiounskrich an der Ukrain eis all Dag virun Ae féiert, wéi wichteg eng effikass, funktionell a reaktiv Arméi ass, fir d'Ofschreckungskapacitäten um Niveau vum Europa an der NATO ze stäerken a fir eisen Engagementer do nozekommen.

D'Lëtzebuerger Arméi huet sech en ambitiësen Investitiounsprogramm fir all seng Infrastrukture ginn. De Schéissstand am Blesdall datéiert aus der Nokrichszäit a gëtt absolut keng zefriddestellend Äntwert op déi verschiddearten Funktiounen vum enger zäitgeméisser Infrastruktur.

Dobäi kommen och déi technesch an déi baulech Defiziter. Et kann ee soen, datt déi besteeënd Installatiounen vu Grond op an d'Viséier geholl gi sinn, fir datt wierklech am duebele Sënn vum Wuert kee Schoss méi no hanne ka lassgoen.

De komplette Reamenagement huet niewent dem Objektiv vum der Moderniséierung als Zil, enger ganzer Rei neie Paradigme Rechnung ze droen a méi Flexibilitéit fir militäresch Exercicer ze erlaben. Esou kënnen 30 Tireurë gläichzäiteg instruéiert ginn – virdrun d'Hallschent! –, an dat sinn Tireurë vu verschiddeenen Niveauen, vum Ufänger bis bei den Eliteschützen.

Et geet och drëm, Sprengkierper, Granaten a Munition hei zu Lëtzebuerg kënnen ze zerstëieren. D'Gebaiheekte mussen fir dës Ufuerderunge fit gemaach ginn.

Et ass mir wichteg ze soen, datt dës Site och vum der Police grand-ducale a vum der Douanesverwaltung genotzt, also perfekt ausgelascht gëtt. Esou erlaabt d'Shootinghouse dem Personal vum der Arméi an der Police et, eng Formation bannen an engem Haus ze ginn. De Shootingtower gëtt de spezialiséierten Eliteschützen optimal Trainingsméiglechkeeten. D'Zone de destruction erlaabt et, all Zorte vu Munition an akribescher Sécherheet ze zerstëieren, an en Ennerstand Typ Bunker gëtt dem Service de déminage zousätzlech Sécherheet.

D'Gebaiheekte sinn der Topografie an dem Éisleker Landschaftsbild ugepasst. Et gouf ënner anerem och eng Etüd iwwert de Schall gemaach. D'Energiekonzept, d'Charakteristike vu banneschem a bauschem Material a besonnesch d'Resistenz wéi och den Alterungsprozess waren de Planungsleit fir eng gréng Infrastruktur wichteg.

De Projet gëtt an dräi Phase realiséiert. Opgrond vum der Spezifisitéit vu verschiddeenen Aarbechten, an och wéinst dem Volume vu verschiddeenen Aarbechten, ass eng Bauzäit vu 5 bis 6 Joer virgesinn. Et sinn Alternative gesicht ginn, fir während der Bauzäit weider déi néideg Formatiounen kënnen ze garantéieren.

De Projet ass den 9. Oktober 2023 vum deemolege Mobilitéits- an Travaux-publics-Minister François Bausch, deen déizäit och Minister vum der Defense war, an der Chamber deposéiert ginn. Him gëllt eise Merci fir säin Engagement fir d'Cause vum der Arméi bei alle Projeten.

Mir hunn de Projet den 18. Januar 2024 an der Chamber vu kompetente Fachleit presentéiert kritt. Ech si Rapporteur genannt ginn. Déi zwou zoustänneg Kommissiounen hunn de 7. Mäerz eng Descente op déi zwee Sitten, de Waldhaff an de Schéissstand am Blesdall, gemaach a konnte sech iwwerzeegen, datt dës komplett Reamenagement wichteg a bluttnoutwendeg sinn.

Den Avis vum Staatsrot vum 24. Oktober 2023 huet eis drop higewisen, datt bei Projete vum dëser Envergure déi prezis Affektatioun vum der Finanzenveloppe muss determinéiert ginn, an huet sech mat enger formeller Oppositioun mat der ursprénglecher Denominatioun am Titel an am Artikel 1 net averstanen erkläert. D'Kommissioun huet dat agesinn an den Artikel 1 amendéiert.

Elo hat ech bal de Käschtepunkt vergiess. De Montant vum 71.450.000 Euro dierf net iwwerschrott ginn.

Här President, Kolleeinnen a Kollegen, dës Projet erlaabt et der Lëtzebuerger Arméi, hir Missiounen op nationalem an internationalem Plang esou auszeféieren, wéi dat an dëse mouvementéierten an turbulenten Zäiten ubruecht ass. Eis Arméi gëtt ëmmer erëm duerch hir Kohäsion, Expertis a Professionalitéit vum hiren nationalen an internationale Partner héich appreciéiert.

D'Arméi passt sech den aktuelle politeschen, sozialen, militäreschen an technologesche Konditiounen un, fir d'Erausforderunge vu muer kënnen ze meeschten.

Eng demokratesch Gesellschaft ass verflucht, hiren Zaldote beschtméiglech Infrastrukturen a Material zur Verfügung ze stellen. E kollektive Merci gëllt allen, déi un dësem Projet, egal op wéi eng Manéier, matgeschafft hunn.

Ech wéll dann och gläich den Accord vum der Fraktioun vum der Demokratescher Partei zu dësem Projet ginn.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Rapporteur, fir Äre schrëftlechen a mündlechen Rapport.

An den éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Charel Weiler. Här Weiler.

Discussion générale

M. Charel Weiler (CSV) | Merci, Här President, wéi wichteg et ass, an eis Verdeedegung ze investéieren, ech mengen, dat ass haut de Mëtteg méi wéi eemol ënnerstrach ginn. De Reamenagement vum Schéissstand am Blesdall ass wichteg an noutwendeg, well den aktuelle Schéissstand an engem schlechten Zoustand ass a well d'Sécherheetsmoossnamen oder d'Sécherheetsnormen net méi erfëllt sinn. Et ass e Projet, dee wichteg ass fir eis Arméi, fir eis Infrastrukturen, fir eise Beitrag zur NATO.

Domat ginn ech den Accord vum der CSV-Fraktioun.

Une voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Weiler. Dann ass d'Wuert fir d'Madamm Claire Delcourt.

Mme Claire Delcourt (LSAP) | Merci, Här President. Jo, och mir hunn de Site kënnen besiche goen, an ech fannen och, dass mer do ganz vill Erklärungen kruten, firwat dës Site muss reamenagéiert ginn. An ech